



FRAKTION

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Entrée le :

25 SEP. 2019

1249

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 25. September 2019

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech Iech, des parlamentaresch Fro iwwert Ëmgeungsstrooss vun der B7 un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte weider ze leeden.

An der Äntwert op parlamentaresch Fro No 3930 vum 13. Juli 2018 iwwer Lärmschutzmoosnamen am Kader vum Ausbau vun der B7 op der Héicht vu Schieren huet Regierung informéiert, dass als Lärmschutzmoosname Schallschutzwänn soll gebaut ginn, op enger Gesamtlängt vun 2 788 Meter béidsäiteg vun der Strooss. Des Moosname sollen am Kader vun der Verbreedung vun der B7 realiséiert ginn. An der selwechter Äntwert ass och präziséiert ginn, dass mat den Aarbechte vun der Verbreedung, an domat vum Lärmschutz Enn 2019, Ufank 2020 ugefaange ginn.

An dësem Kontext wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

- Kenne wei geplangt d'Aarbechte vun der Verbreedung vun der B7 an domat vum Lärmschutz op der der Héicht vu Schieren Enn 2019, Ufank 2020 ufänken?
- Wei eng Inzidenzen hunn déi aktuell Ausgruewungen um Site vun der Réimervilla zu Schieren op dëse Planning ?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Députéiert



Luxembourg, le 19 NOV. 2019



Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°1249 du 25 septembre 2019 de l'honorable députée Madame Martine Hansen, concernant l'élargissement de la B7, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten op déi parlamentaresch Fro n° 1249 vum 25. September 2019 vun der honorabler Deputéierte Martine Hansen

Fro 1 : Kenne wei geplangt d'Aarbechte vun der Verbreedung vun der B7 an domat vum Lärmschutz op der Héicht vu Schieren Enn 2019, Ufank 2020 ufänken?

Beim Ausschaffe vum „Avant-projet détaillé (APD)“ zum Projet mam Titel „Mise à 2x2 voies de la B7 entre les échangeurs de Schieren et d'Ettelbruck“ huet sech erginn, datt de Seuil vu 40 Milliounen Euro ab deem e Finanzéierungsgesetz néideg ass, géing iwwerschratt ginn. De Projet erfuerdert also elo d'Ausschaffe vun engem Finanzéierungsgesetz wat wäert kënnen Ufank 2020 presentéiert ginn, esoudatt d'Aarbechten zu deem Zäitpunkt also nach net kënnen ufänken.

Fro 2 : Wei eng Inzidenzen hunn déi aktuell Ausgruewungen um Site vun der Réimervilla zu Schieren op dese Planning ?

Déi aktuell Ausgruewungen um Site vun der Réimervilla zu Schieren hu keng Inzidenze méi op de Planning well de Projet konnt esou adaptéiert ginn datt de Site kann integral erhale ginn.